D'Motioun 15 hu mir schonn evakuéiert. Mir kommen dann zu der Motioun 16 vum Här Garcia. Den Här Minister Wolter huet d'Wuert.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech wollt der Chamber proposéieren, fir d'Motioun 16 unzehuelen. Et ass eng Motioun, déi ganz vill Concertatioun, déi mir an de leschte Méint gefouert hunn, zréckspigelt, déi mir och sécher nom 31. Mee, wann et zu der Virstellung vun der Regierung zu deenen do Sujete komm ass, och nach sécher weider verdéiwe kënnen. Mä et geet op alle Fall an déi Richtung, déi mir acceptéiere kënnen.

Ech géif vun der Geleeënheet profitéieren, fir och d'Motioun 17 ze acceptéieren. Déi schéngt grenziwwergräifend ze sinn.

M. le Président.- Wann ech dat elo richteg verstanen hunn, Här Minister, da kënne mir "par main levée" ofstëmmen.

Vote

Deen, dee fir d'Motioun 16 ass, hieft d'Hand an d'Luucht.

Ech stelle fest, datt d'Motioun 16 eestëmmeg ugeholl ass.

Vote

Deen, dee fir d'Motioun 17 ass, hieft d'Hand an d'Luucht.

Ech stelle fest, datt d'Motioun 17 eestëmmeg ugeholl ass.

Ech deelen elo nach de Programm vun der nächster Woch mat.

Wat déi parlamentaresch Aarbechte fir d'nächst Woch ubelaangt, schléit d'Commission de Travail Folgendes vir:

- d'Chamber siégéiert en Dënschdeg, den 23. Mee, um 3 Auer, e Mëttwoch, de 24. Mee, um halwer 3, an en Donneschdeg, de 25. Mee, och um halwer 3.

En Dënschdeg an e Mëttwoch ginn evakuéiert:

1) de Projet de loi 4601 iwwert de Marché de l'électricité,

2) de Projet de loi 4571 iwwert de Centre national sportif et culturel,

3) de Projet de loi 4440 iwwert d'Impfungen,

4) d'Ofännerung vum Chamberreglement 4664, an

5) d'Proposition de loi 4652 iwwert d'Walgesetz.

Dës Punkte ginn evakuéiert, och wann d'Sitzung vun e Mëttwoch muss no halwer 7 verlängert ginn.

En Donneschdeg hu mir:

1) d'Question 8 avec débat vum Här Jacques-Yves Henckes,

2) de Projet de loi 4562 iwwert déi finanziell Ënnerstëtzung bei de Studien,

3) de Projet de loi 4638 iwwert d'Entfernung vum Asbest an der Cour de Justice um Kierchbierg, an

4) de Projet de loi 4626 iwwert de Contrôle des changes.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.10 heures)

35e séance

Mardi 23 mai 2000

Présidence

M. Jean Spautz, Président

M. Jean Asselborn, Vice-Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'une proposition de loi par M. Paul Helminger
2. Communications
3. Projet de loi 4601 relative à l'organisation du marché de l'électricité *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Michel Wolter, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Den Här Helminger freet d'Wuert.

1. Dépôt d'une proposition de loi par M. Paul Helminger

M. Paul Helminger *(DP).-* Här President, ech géif gär a mengen Numm an am Numm vu mengem Kolleeg Laurent Mosar eng

- proposition de loi 4670 modifiant les articles 17 et 19 de la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets

déposéieren.

Déi Artikele sollen ëmgeännert ginn, engersäits, wat d'Schléissungsstonn ubelaangt, an, anerersäits, wat d'Kompetenze vum Buergermeeschter ugeet, fir déi Schléissungsstonn ze sanktionéieren.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch de Kolleeg Paul Helminger. Déi Propositioun gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weider geleet.

2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen an Äntwerten ass um Büro déposéiert ginn.

2) A séngem Bréif vum 16. Mee 2000 huet de Generalsekretär vum Europaparlament mer den Text vun de Resolutioune matgedeelt, déi d'Europaparlament a sénger Sitzungsperiod vum 3. a 4. Mee ugeholl huet.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4601 iwwert de Marché de l'électricité.

Et hu sech schon ageschriwwen: déi Häre Schank, Zanussi, Greisen, Gira, Hoffmann, Clement, Fayot a Mehlen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

3. Projet de loi 4601 relative à l'organisation du marché de l'électricité

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech versichen dann, mat Iech zesummen duerch dat Gesetz hei ze goen, wat kee klengt Gesetz ass, an ech géif Iech dann och bieden, Iech e bëssen Zäit dofir ze huelen. Ech versichen, dat sou einfach wéi méiglech ze maachen. Et ass awer a Wierklechkeet net sou einfach, wéi et sech dann elo vläicht unhéiert.

Den Titel vun dësem Gesetz gëtt u sech schonn den Inhalt erëm. Et geet u sech drëm, hei de Lëtzebuerger Stroummaart ze organiséieren, e Lëtzebuerger Stroummaart, dee momentan vun zwee Acteure besat ass: op där enger Säit d'Cegedel, op där anerer Säit d'Sotel. D'Cegedel beliwwert etwa 70% vun de Clienten zu Lëtzebuerg, bezitt awer 90% vun hirem Stroum aus Däitschland, haaptsächlech vun der RWE. Op där anerer Säit hu mer d'Sotel, déi 100% vun hirem Stroum vun der Electrabel kritt an ongeféier 30% vum Lëtzebuerger Maart ausmécht. Si beliwwert haaptsächlech d'Sidérurgie an d'CFL; dogéint beliwwert d'Cegedel ënner anerem praktesch d'Stéit alleguer.

Nieft der Sotel an der Cegedel gëtt et awer nach aacht aner Verdeeler, wat Gemenge sinn hei am Land, an dat sinn d'Gemengen Dikrech, Iechternach, Esch, Ettelbréck, Lëtzebuerg, Stengefort, Veianen a Wuermer, déi alleguer hire Stroum vun der Cegedel geliwwert kréien, an da gëtt et och nach dräi privat Verdeeler, nämlech déi vu Biissen, Miersch an Useldeng, déi awer och vun der Cegedel beliwwert ginn.

Mir bezéien also momentan iwwer 90% vun eisem Stroum aus dem Ausland, a mir sinn doduerch ofhängeg vum Ausland. Dat wäert sech an noer Zukunft awer änneren, nämlech deen Ament, wou d'TGV-Zentral zu Esch a Betrib geholl gëtt. Da si mer nëmmen zu etwa 2/3 ofhängeg vum Ausland.

De Bau vun dëser TGV-Zentral bréngt natierlech mat sech, datt, gesamt gesinn, d'CO_2-Émissiounen erof ginn. Si géife selbstverständlech nach méi erof goen, géife mer all d'Ofwäermt notze vun deem, wat do produzéiert gëtt, mä um Niveau vun der Bilanz an de Statistike wäerten eis CO_2-Ausstéiss duerch de Bau vun der TGV-Anlag erop goen. Dat ass nun emol eng Ierfschaft, déi mer vun der viregter Regierung hei iwwerholl hunn; net duerch d'Tatsaach, datt mer eis CO_2-Ausstéiss ëm 28% solle reduzéiere par rapport zu deem, wat mer 1990 haten, wouzou mer eis am Kyoto-Protokoll engagéiert hunn, mä duerch d'Tatsaach, wéi dës Reduktioun gerechent ass.

An Zukunft wäert alles dat, wat mer investéieren an d'Produktioun, och an eng ekologesch Produktioun, an alles dat, wat mer investéieren an d'Cogénératioun z.B., negativ bei eis hei zu Lëtzebuerg zu Buch schloen. Dat sinn Ierfschaften!

Eng Ierfschaft ass selbstverständlech och dat Gesetz hei, wat vum viregten Energieminister ausgeschafft ginn ass, wou mer allerdéngs ënner Zäitdrock gerode sinn, well dat Gesetz hei bis d'lescht Joer de Februar hätt sollen ëmgesat ginn. Dat war och d'Ursaach, firwat datt de jëtzege Wirtschaftsminister dat Gesetz hei tel quel an der